# D'Organisatioun vum Sport zu Lëtzebuerg

**"forum" huet sech mam Jean-Louis Margue, Trésorier vun C.O.S.L. a fréiere Member vun der Foussballnationalekipp ënnerhalen iwer d'Funktioun vum Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (C.O.S.L.), an iwer d'Organisatioun an d'Roll vum Sport zu Lëtzebuerg am Allgemengen.**

*"forum": Wéi as dë Sport hei zu Lëtzebuerg strukturéiert a wéi eng Funktioun huet de C.O.S.L. an deem Zesummenhank?*

J.-L. Margue: D'Gesetz vu 1976 huet aus dem fréieren C.O.L. (Comité Olympique Luxembourgeois), dien sech ëm d'olympesch Spiller gekëmmert huet, dë C.O.S.L. gemaach. Zënterhir huet de C.O.S.L. eng Funktioun als Zentral-Organ vum Lëtzebuerger Sport, deen also op "privater" Basis organiséiert as, dat heescht: d'cellules de base sin d'Veräiner, déi a Verbänn (Fédératiounen) regroupéiert sin, an de C.O.S.L. as den Daachverband vun de Fédératiounen. Dësen Organismus a den Uspriechpartner vun den offiziellen Instanzen an as politesch neutral an onofhängeg. Seng Memberen (op Benevolatsbasis) am Verwaltungsrot gi vum Kongress fir 4 Joer gewielt. Konkret as ët esou, dass bei de Walen meeschtens eng "Ekipp" vu Leit sëch fir di eenzel Poste mellen.

All Verband bleiwt fir seng Disziplin autonom. Dë C.O.S.L. interven̈éiert nëmmen subsidiaresch an dëser oder deër Sportaart, wann ët ëm d'Ennerstëtzung vun den Elit kaderen oder d'Besetzung vun den olympesche Spiller oder de Spiller vun de klenge Länner geet. Fir de Rescht këmmert hien sech och ëm déi allgemeng Interesse vu sénge Verbänn z. B. um Nivo vum Schoulsport (horaires aménagés), an zu all Gesetz oder Reglement, wat de Sport beréiert, muss d'Regirung dem C.O.S.L. en Avis als Vertrieder vum "mouvement sportif" froen.

Am Verwaltungsrot vum C.O.S.L. si keng aktiv Politiker, zënter dass aus dem C.O.L. de C.O.S.L. gouf; um Nivo vun dë Veräiner an de Verbänn gët ët natiirlech awer Leit ënnert den Dirigenten, déi politesch aktiv sin.

*"forum": Stëchwuert politesch onofhängeg...*

J.-L. Margue: 1980 hu mir dat jo bewise, wéi mir dem politeschen Drock standgehalen hun an op Moskau op d'Olympiade gaange sin. Dëm C.O.S.L. séng Positioun war do ganz kloër: esou lang nët och op politeschem a wirtschaftlechem Plang Boykottmoossna-

me géint d'Sowjetunioun duerchgesat géifen (wéinst dem Iwerfall op Afghanistan), hu mir gemengt, et wier nët an der Rei, Alibimoossnamen ze huelen, ewéi de Boykott vun den olympesche Spiller, wou jhust de Sport geaffert géif. Iwregens kréie mir haut nach vun auslännesche Kollegen, z. B. aus Däitschland, gesot a bestätegt, dass dem C.O.S.L. séng Positioun di besser war, a nët hir, di dem politeschen Drock nogin hun.

De Sportsministär ënnerstëtzt de Sport z.B. mat sportlechen Infrastrukturen an och mat Subsiden, mee en intervenéiert nët direkt am alldeeglechen Oflaf. Zu Lëtzebuerg as also keen direkte politeschen Afloss op d'Sporstliewen (um Nivo C.O.S.L., Anm. d. Red.), nët ewéi zum Beispill a Frankreich, wou de Minister sech mat Zäiten direkt amëscht, wann ët ëm wichteg Entscheedungen a Persounefroen geet, z.B. wien op d'olympesch Spiller geschéckt gët.

De C.O.S.L. gët Impulser zur Sportspolitik (Basisdokumenter zu Themen ewéi Breedesport/Kompetitiounssport...), e gët säin Avis zum Sportsbudget; hie befënnt ëleng iwer di reng sportlech Aspekter, z.B. bei der Besetzung vun dën Elite-Sportskaderen, der Nominatioun an Ennerstëtzung vun Athleten (op Basis vu ganz präzise Kritären, déi sech um internationalen oder europäesche Nivo miessen a periodesch erëm ugepaßt gin).

*"forum": Elo konkret: zënter wéini si Dir Member vum C.O.S.L.-Verwaltungsrot a wéi gët een dat?*

J.-L. Margue: Dat as esou gaang: Virun 15 Joer war ech Sekretär vun der deemoleger Gewerkschaft vun de Foussballspiller. Dun as de Gérard Rasquin, den deemolege Präsident vum C.O.S.L., u mech erugetrueden fir mer eng Plaz an sénger Equipe unzebidden, wou ech konkret kënnt matschaffen a kënnt hëllefen, eis Fuerderongen ëmzesetzen. Esou sin ech do 1977 eragerutscht an bis haut derbäi bliwwen.

*"forum": A propos Sportspolitik, gët ët dann hei zu Lëtzebuerg iwwerhaapt ëppes, wat ee ka Sportspolitik nennen an hun di verschidde Parteien dozou differenzéiert Meenungen?*

J.-L. Margue: A sech gët ët dat hei am Land kaum an och di eenzel Parteien hun do kaum kloer an differenzéiert Virstellungen.

*"forum": Wat sin dann d'Prioritéiten beim C.O.S.L. op sportspoliteschem Nivo?*

J.-L. Margue: Absolut Prioritéiten gët ët a sech kaum, mir versichen op allen Nivoën aktiv ze sin, fir de Sport ganz allgemeng ze förderen. Esouwuel den Elitesport (fir eis puer Spëtzenathleten op d'olympesch Spiller virzebereeden), wéi och de Kompetitiounssport (d'Ennerstëtzung vun eise Nationalekippen), mee och de Breedesport (City Jogging, Spillfest, Olympiadag, Sport fir di eeler Leit oder de Sport als Resozialiséierungsfaktor fir déi aus dem Prisong a natiirlech och de Sport fir eis handikapéiert Matmënschen) a méi allgemeng sportspolitesch Saache, wéi d'Aktioun Fair Play.

Niewt eiser Optioun, fir de Sport am allgemengen ze ënnerstëtzen, gi ganz präzis Ekippen oder Sportler finanziell an organisatoresch ënnerstëtzt. De C.O.S.L. greift nëmme Leit ënnert d'Äerm, déi bewisen hun, datt se perséinlechen Asatz hun an dass se eng Chance hun, gudd Leeschtungen ze bréngen. Mir kënnen hei am Land nët jiddereen egal wéi förderen, duerfir konzentréiere mir eis, wat den Elitesport ugeet, op e puer Leit, an der Hoffnung, dass déi d'Basis stimuléieren.

*"forum": Wéi gët de C.O.S.L. vun öffentlecher Hand finanzéiert a wat fir eng Finanzquellen huet en soss nach?*

J.-L. Margue: Viru Joren huet de Staat och dem C.O.S.L. gewëss Subsiden ausgedeelt, z.B. fir en Deel vun den administrative Käschten ze droen oder d'Rees op d'olympesch Spiller deelweis ze finanzéieren. Fir de Moment stellt de Staat eis d'Maison des Sports zur Verfügung, déi mir mat de Verbänn deelen, an en huet zënter engem Joër eis e vollamtlechen Sekretär détachéiert. Fir de Rescht kréie mir keng staatlech Ennerstëtzung. Mir mussen also selwer fir eis Onkäschten opkomme (Sekretärin, Büromaterial...). Eise Budget vu ronn 35 Milliounen am Moment gët gespeist iwer d'Einnahmen, déi mir vum Lotto kréien (bal 2/3 vun eise Recetten), de Rescht kënnt vu Sponsoringskontrakter zu Lëtzebuerg oder vum internationalen olympesche Komitee.

*"forum": Wat sin är wichtegst Dépensen?*

J.-L. Margue: Ronn 20 Milliounen si reng sportlech Ausgaben. 6 Millioune fir d'Elitsportler (Trainingslager, Stagen, international Kompetitiounen, medezinesch Betreiung), 8 Milliounen fir de Kompetitiounssport, y compris e spezielle Programm fir de Fraësport ze förderen, a 5 Milliounen fir Sport-Loisirs, Sport am Drëtten Alter, Schoulsport asw. Nët grad 5 Millioune si fir administrativ Ausgaben: de Fonctionnement vun der Maison des Sports, (Photokopien, Organisatiounsfräën). Aner gréisser Beträg sin z.B. fir d'Kampagne fir de Fair Play ze förderen, d'Casco-Assurance fir d'Sportsdirigenten, Publicitéitsfräën an och eis Aktioun fir de Verbänn ze hëllefen, sech e Computer unzeschafen.




Carlo Schneider

*"forum": Dir schafft jo och bei der B.G.L., déi zu de Sponsoren vum C.O.S.L. gehéiert. Wat as dann den Interesse, fir esou e Sponsoring ze bedreiwen, a wéi grouss as zu Lëtzebuerg iwerhaapt d'Bereetschaft, de Sport ze sponseren?*

**Wat d'Quantitéit ubelaangt, also d'Zuel vun de Sportssäiten oder d'Dauer vun den Emissiounen, géng ech soen: iwerdriwwe gudd. Wat d'Qualitéit awer ugeet, sin ech vill méi reservéiert: Nët ganz vill Journaliste si bereet, sech uerdentlech ze dokumentéieren a Recherchen ze maachen.**

J.-L. Margue: Et as esou, dass de Sport nach ëmmer e ganz positiven Image huet an e gudden Vektor as fir Publicitéit an also och Sponsoring. Sport bedeit jo Leeschtung an Dynamik.

Natiirlech huet all Betrieb eng Strategie fir Sportaarten ze sponsoren, d'B.G.L. as der Meenung, dass de Breedesport zu hirem Image passt an investéiert duerfir a Saache wéi den City-Jogging an an d'Spillfest an ënnerstëtzt de C.O.S.L. am allgemengen. Et schengt eppes derbäi erauszekommen, soss géif jo keng Firma an de Sportssponsoring investéieren.

*"forum": Wéi as ët dann elo zu Lëtzebuerg mam Breedesport oder besser Fräizäitsport, wéi eng Analyse mëcht de C.O.S.L. op dësem Gebitt?*

J.-L. Margue: Et as jo esou, dass individuel ëmmer méi Sport gemach gët, well jo och ëmmer méi Fräizäit zur Verfügung steet. D'Veräiner këmmeren sech oft nëmmen ëm hir Kompetitiounsekippen a musse nokucken, wéi d'Leit ëmmer méi zum Sportkonsument gin an de Kontakt nët méi sichen zum organiséierte Sport, mat méi rigide Strukturen (regelméissegen Training). Et as zwar och schwéier fir d'Veräiner déi Konkurrenz auszehalen, wann alles oder bal alles op Benevolat opgebaut as. Do misste wahrscheinlech d'Veräinsstrukturen iwerduecht gin a méi professionaliséiert gin, z.B. wat den Encadrement vun dë Sportler ugeet an och d'Disponibilitéit vun den Terrain'en an Halen.

*"forum": A propos Sportkonsument. Wéi grouss schätzt Dir dann d'Wichtëgkeet vum Sport op wirtschaftleschem Plang an?*

J.-L. Margue: Genee kann ech dat nët soën; ech ka jhust feststellen, dass d'Leit deck Zommen ausgi fir Sportsekippement a -kleedung, wat nët ëmmer proportionell zu hirer sportlecher Aktivitéit steet. An da soll een och nët vergiessen, wéivill d'Leit ausgin fir "sportlëch" Ernährung. Soss iwer d'Wichtegkeet vun den private Sportinfrastrukturen (Fitnesszenter an ähnleches), gin ët esou wäit ech weess keng präzis Statistiken.

*"forum": Et as also haaptsächlech den Handel, deen hei betraff as, well eng grouss Industrie vu Sportartikelen hun mir hei nët.*

*Elo een aneren Aspekt: Wéi steet ët dann hei am Land mat der Sportspress?*

J.-L. Margue: Wat d'Quantitéit ubelaangt, also d'Zuel vun de Sportssäiten an den Zeitungen oder d'Dauer vun de Sportsemissiounen um Radio, kann ee nëmme soen: ganz gudd, ech perséinlech géng soen: iwerdriwwen gudd. Wat d'Qualitéit awer ugeet, sin ech vill méi reservéiert: kaum Hannergrondinformatiounen, kaum perséinlech Reflexiounen, heiandsdo falsch an oft onkomplett Informatiounen. Nët ganz vill Journaliste si bereet, sech uerdentlech ze dokumentéieren a Recherchen ze maachen. Dobäi liwwert de C.O.S.L. eng Onmass genee Informatiounen, z. B. wat d'Selektiounskritären ugeet, a steet der Press ëmmer zur Verfügung.

*"forum": Wär ët da nët méiglech, als C.O.S.L. emol e Präis ze grënne, fir de beschte Sportsartikel vum Joër ze priméieren?*

J.-L. Margue: Dorun hu mir nach nët geduecht, dat as eng gudd Idee; dat kënnt vläicht eppes hëllefen an deenen ënnert d'Äerm gräifen, déi sech wirklech vill Méi gin.

*"forum": Elo eng perséinlech Fro un dë fréiere Foussballspiller. Wéi gesi Dir d'Entwécklung vun der Mentalitéit bei de Sportler hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren?*

J.-L. Margue: Am groussen Ganzen geet d'Tendenz am Sport hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi zum Sportkonsum iwer; ët gët individuel, dat heescht nët am Veräi, Sport gemaach, wou a wéini datt ech wëll an do wou eppes gebuede gët. Dës Entwécklung wäert leider och an Zukunft nach zouhuelen.

Wat elo d'Athleten ugeet, kann ee soën, datt se och méi bequem gi sin. Soss hun d'Leit sech vill méi eleng débrouilléiert, wann se Kompetitiounen gemaach hun, haut gët ët oft schon an der Ufanksphas Erwaardungen fir ënnerstëtzt ze gin, ir d'Leeschtung dat begrënnt.

Ech sin awer kee Pessimist, och wann dat elo zimlech widersprëchlëch klengt; mir hu nach vill Iddien a schaffen drun s'ëmzesetzen.

*Dëst Gespréich gouf geféiert vum Claude Wey a Charel Margue.*